

pas en vente libre / kein freier Verkauf

„ABER“GLAUBEN

Gläubig sein oder nicht | Être croyant ou pas

Stëmm

Décembre 2011 / N° 68

vun der Strooss

Editorial

Glauben sie an Gott? Diese Frage können die meisten ganz klar mit ja oder nein beantworten. Geht man weiter und fragt danach wie jeder für sich seinen Glauben im Alltag lebt, respektive wenn die mit Glauben und Religion verbundenen Institutionen hinzu kommen, wird es schwieriger. Als wir uns über das Thema für diese Ausgabe unterhielten, wählten wir zuerst „Aberglauben“. In weiteren Gesprächen kamen wir aber sehr schnell auch auf das Thema „Glauben“. Es stellte sich heraus, dass diese Bereiche für die meisten mit vielen Fragen verbunden sind. Aberglaube wird mit Unvernunft gleichgesetzt. Zwei aufeinanderfolgende Ereignisse werden falsch verknüpft, so dass einem Vorkommnis oder einem Objekt etwas zugeschrieben wird, was nicht unbedingt mit dem davor stattgefundenen im Zusammenhang steht.¹ Für einige, die nicht an Gott glauben, handelt es sich bei allen Glaubenshaltungen um Aberglauben. Kann es einen Gott geben, der den Menschen wohlgesinnt ist, bei allem Schlechten was es auf der Welt gibt? Können die Menschen, die beispielsweise zur Stämm vun der Strooss kommen an einen Gott glauben, obwohl es ihnen nicht gut geht? Kann man „aber“ glauben? Oder glaubt man, aber...? Die Räumlichkeiten der Stämm vun der Strooss sind offen für alle und jeden unabhängig von Religionszugehörigkeit und religiöser Einstellung. Das ist auch gut so. Hier treffen sich Menschen verschiedener Glaubensrichtungen und Menschen die nicht gläubig sind. Die meisten Mitglieder der Redaktion sind Christen und viele von ihnen kennen ihre eigene Religion nicht wirklich. Das alles war für uns Anlass genug, uns mit dem Thema zu beschäftigen, Informationen zusammen zu suchen und der Frage auf den Grund zu gehen, wann man von einer Religion spricht und weshalb verschiedene Menschen gläubig sind und andere nicht. Wir haben uns mit drei Vertretern der großen monotheistischen Religionen unterhalten, da die Mehrheit der Einwoh-

ner Luxemburgs einer dieser Religionen angehört. Es ging uns um einen Einblick in diese Glaubensrichtungen. In keinsten Art und Weise wollen wir damit einen Absolutheitsanspruch für diese drei oder einer dieser Religionen erheben. Um den atheistischen Bereich abzudecken und auch diese Einstellung nachvollziehen zu können, haben wir den Präsidenten der Allianz der Humanisten, Atheisten und Agnostiker zum Gespräch eingeladen. Mit ihrer Kampagne Anfang 2011 haben sie für Aufsehen gesorgt, indem sie dazu aufgerufen haben, sich dazu zu bekennen, wenn man nicht religiös ist. Ist es in unserer Gesellschaft heute nicht sowieso einfacher eine ablehnende Position gegenüber der Religion einzunehmen? Ohne Religion gäbe es keinen Krieg? Wären alle Menschen Atheisten gäbe es folglich keine Kriege? Doch alle Religionen sprechen von Frieden und das friedliche Zusammenleben ist in den Grundsätzen der Religionen verankert! Begriffe wie Menschlichkeit, Frieden, Hilfsbereitschaft, Nächstenliebe und Respekt prägen die meisten Religionen. Es versteht sich von selbst, dass man keiner Religion angehören muss, um diese Werte zu verinnerlichen. Natürlich braucht niemand Religion um sich ethisch korrekt zu verhalten. Umgekehrt hilft auch allein die Zugehörigkeit zu einer Religionsgruppe nicht, dass man ein guter Mensch ist und sich immer moralisch richtig verhält. Moralisches Handeln geht nicht immer mit Gläubigkeit einher und umgekehrt auch nicht. Atheisten und Kirchnaustreter bezeugen auf diversen Internetseiten weiterhin gläubige Menschen respektieren zu wollen. Umgekehrt müsste jeder Gläubige dies ja sowieso tun, wenn er oder sie sich an die Grundsätze der Religion hält. Somit sind gegenseitige Akzeptanz, Toleranz und Respekt der Schlüssel zu einem friedlichen Zusammenleben.

Tania Draut






¹ vergl. Aberglaube in Wikipedia - Die freien Enzyklopädie



Que celui ou celle qui sait lire, lise et partage ce journal avec celui ou celle qui n'a pas pu apprendre à lire !

Lieber Leser, teilen und lesen Sie diese Zeitung mit den Menschen, die das Lesen nicht lernen konnten!

Dossier spécial: „ABER“GLAUBEN Gläubig sein oder nicht | Être croyant ou pas

	Editorial	2
	INTERVIEW mam Dr. Laurent Schley Religion ist Tradition	4 7
	INTERVIEW mit Herrn Ingo Hanke Le droit de choisir	8 11
	INTERVIEW mam Äerzbëschof Jean Claude Hollerich INTERVIEW avec Monsieur ROSENFELD Daniel	12 16
	INTERVIEW mam Här Treinen Simon & Mohamed La Foi Bitte getrennt! Glauben oder nicht glauben - Das ist die Frage... What to Believe in - it's your choice Glauben leben – aber wie? Nicht allein 13 schwarze Katzen unter der Leiter	20 23 24 25 26 27 28 28 29
	Leserecke COOLTour Klick	30 31 32
	Info	36
	Impressum	36



Interview

mam Dr. Laurent Schley,
Präsident vun der a.s.b.l. AHA Lëtzebuerg



- **Säit wéini gëtt et AHA a ween huet AHA gegrënnt?**

AHA, dat steet fir Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker. Am Ufank war dat eng Equipe vun 10 Leit. No e puer Méint Preparatiounsphas war déi offiziell Grënnungsversammlung dunn den 13. Mee 2010, mä an d'Éffentlechkeet si mer réischt Enn Oktober 2010 gaangen, well mer nach eisen Internetsite wollten uerdentlech opbauen. Ganz wichteg ass eis d'Transparenz: AHA si Leit, déi zu deem stinn, wat se denken, bei eis verstoppt sech keen. Op eise Site fënnt een all déi Detailler iwwert d'Membere vun eise Verwaltungsrout.

- **Wat ass da genau den Objet vun AHA?**

A.H.A. Lëtzebuerg setzt sech an, éischens, fir d'Interesse vun Humanisten, Atheisten, Agnostiker an aneren net gleewege Mënschen hei zu Lëtzebuerg, an zweetens, fir een humanistische Liewensstil ouni Relioun, opgebaut op engem naturalisteschen a rationelle Weltbild.

An där Optik respektéiere mir all d'Mënschen als dat wat se sinn, nämlech Mënschen, mä mir huelen eis awer d'Recht raus fir z. B. d'Relioun als Phänomen ze kritiséieren oder kontrovers driwwer ze diskutéieren, well mir der

Meenung sinn, dass Problemer domat verbonne sinn. Sou wéi een eben och kontrovers iwwer Politik diskutéiert, muss een och kënnen oppen an ouni Tabuen iwwer Relioun schwätzen.

- **Wéi gitt dir un d'Éffentlechkeet a mat wat maacht dir är Iddien an är a.s.b.l. bekannt? Wat sinn är Grondsätz?**

Mir hunn an éischer Linn eis Internetsäit, fir eis Iddie bekannt ze maachen. Dëst Joer hate mer och e Stand op der Öko-Foire, fir e bësse Visibilitéit ze kréien an d'Méiglechkeet hunn d'Leit unzeschwätzen, an natierlech net ze vergiessen eis Sensibiliséierungscampagne mam Slogan „Net reliéis? Stéi dozou!“, deen op grouse Plakater op Bussen duerch d'Land gefuer ass. Natierlech gi mir och mat Communiquéen un d'Presse an äusseren eis do zu aktuellen Themen.

Mir hu véier Haaptberäicher, op déi mir eis Aarbecht fokusséieren. 1. Ethik fräi vun Dogmen. 2. Feieren ouni „Gott“ 3. Wëssen amplaz vu Glawen a 4. Trennung vu Kierch a Staat.

- **Wat mengt dir mat: „Feieren ouni „Gott“?“**

(laacht) Mir wëllen Alternative bidde fir d'Leit. Well d'Leit vu klengem un age-trüchert kréien, dass wann e Kand op d'Welt kennt, muss et gedeft ginn, wann ech mech bestueden, da muss dat an der Kierch sinn, a

wann ech stierwen, muss ech mat enger kathoulescher Zeremonie bäigesat ginn. Zeremonieë si fir vill Leit wichteg, mä dat geet och ganz gutt ouni op imaginär Götter zeréckzegräifen. Dass dat iwwerhaupt méiglech ass, wëlle mer de Leit vermëttelen an dann och konkret Iddien ubidden.

- **Dann hat dir 2011 nach ee grësseren Interview gemeet...?**

Jo genau. 't war een Interview zum Thema Kannermeßbrauch duerch kathoulesch Geeschtlech, deen huet immens vill Leit interesséiert. Do hu mir mat engem international unerkannten Expert geschwat, dee selwer joerelaang Paschtouer war an d'Kierch also och ganz gutt vu banne kennt. 't war schon erschreckend, wat deen eis alles erzielt huet iwwert d'Hannergrënn vun deem Meßbrauch, an natierlech och déi systematesch Vertuschung. Dat ass alles op eise Site www.aha.lu nozeliesen.

- **Wéi vill Memberen hutt dir a finanzéiert dir iech ausschliisslech iwwert Donen?**

Mir hunn de Moment ronn 600 Memberen a Sympathisanten, wat fir Lëtzebuerger Verhältnisser schon e gudden Ufank ass, a mir sinn no nëmmen engem Joer déi gréissten Associatioun am reliouns- a kierchekritesche Beräich zu Lëtzebuerg. Eist Zil ass awer, Enn 2012, 1000 Memberen ze hunn. Dat ass de Minimum, deen eis géing erlaben, eventuell eng hallef Tache auszuschreiw an eng Persoun anzustellen, sou dass mer méi professionell a méi dynamesch ginn; mir selwer am Verwaltungsrout si jo lauter Benevolen a maachen dat alles an eiser Fräizäit. 't ass also wichteg, dass

mer méi Membere kréien, well effektiv eis Grondlag fir ze schaffe sinn exklusiv d'Kotisiatiounen an d'Donen. Nëmme mat méi décken Done war et eis z. B. méiglech, eis Campagne „Net reliéis? Stéi dozou!“ op de Bussen ze maachen, well sou Saachen dach awer vill Geld kaschten. Dofir, wann dir eis Approche gutt fannt, dann ënnerstëtz AHA aktiv, a gitt Member oder Sympathisant!

- **Hutt dir regelméisseg Aktivitéite, z. B. Formatiounen, Virtråg oder ähnlech?**

Eist Zil ass, fir zwee mol am Joer ee grëssere Virtrag ze organiséieren. Mir hatten 2010 am November de Michel Schmidt-Salomon mat engem super Virtrag „Glaubst du noch oder denkst du schon?“. De Sall war voll bis op déi leschte Plaz. De Schmidt-Salomon war eng zweete Kéier hei, mat senger Duechter Lea, fir am Kader vun engem philosopheschen Owend zu Diddeleng aus hirem gemeinsame Buch virzeliesen. An am Hierscht hate mir e Virtrag vun deem bekannten däitschen Expert Dr. Carsten Frerk, iwwert d'Kierch an hir Finanzen. Mir hatten dat zesumme mat 3 anere Veräiner organiséiert, a mir hatten 300 Leit, dat war ee Monstersuccès. Mir hunn awer nach vill aner Iddien, leider kann ech hei elo nach net alles verroden! *(laacht)*

- **Stitt dir am Kontakt mat ähnlechen Associatiounen am Ausland?**

Natierlech, also mir hu schon ier mir eis gegrënnt hunn, Kontakt mat Associatiounen am Ausland gehat, wéi z. B. mat der British Humanist Association, oder der Giordano Bruno Stëftung an Däitschland, déi eis mat Rot an Dot

ënnerstëtz hunn. AHA ass méttlerweil och Member vun der European Humanist Federation a vun der International Humanist and Ethical Union. International Kollaboratioun an Informatiounsaustausch ass aus eiser Siicht immens wichteg.

- **Als wat gesitt dir iech, als Atheist, Humanist oder Agnostiker?**

(laacht) Perséinlech gleewen ech nëmmen u Saachen, déi bewise sinn, déi konkret sinn, well déi si reell. Ech gleewen net un iwwernatierlech Phänomener; vill Saachen, déi fréier nach net erkläert waren, sinn dofir als iwwernatierlech an als Wierk vun engem „Gott“ gesi ginn. Haut sinn se wëssenschaftlech erkläert, a mir brauchen „Gott“ net méi als Erklärung. Natierlech ass nach net alles op der Welt oder am Universum erkläert, mä d'wëssenschaftlech Fuerschung geet jo ëmmer weider...

- **Kann e Mënsch, dee gleeweg ass, net och Humanist sinn?**

Net an deem Sënn, wéi mir Humanismus definéieren. Humanismus als Weltanschauung orientéiert sech un den Interessen, de Wäerter an der Würd vum eenzelne Mënsch. Als wichteg humanistesche Prinzipie am Kader vum mënschlechen Zesummeliewen gëllen Toleranz, Gewaltfräiheet a Gewëssensfräiheet. Humanismus beinhalt all d'Iddie vun der Mënschlechkeet an dem Striewen dono, déi mënschlech Existenz am Diesseits ze verbesseren (ee Jenseits gëtt et jo schliisslech net).

Trotzdem hu mir bei AHA eng Rei Sympathisanten, déi eis een Don gemaach hunn a soen, an ech zitieren: „ech

sinn zwar gleewege Chrëscht, mä d'kathoulesch Kierch ass dat allerlescht, ech brauch d'Kierch als Institutioun net fir u Gott ze gleewen; ech fannen är Iddi vun Trennung vu Kierch a Staat wichteg, an dofir ënnerstëtzten ech iech och.“

- **Kënnt dir et novollzéien, datt Leit gleeweg sinn?**

(laacht) Jo an Nee. Ech kann et novollzéien an deem Sënn, dass déi allermeeschte Leit zu Lëtzebuerg vu Gebuert un an dee kathoulesche System rageprafft gi sinn, ongefrot natierlech, Daf, Reliounsunterricht, Indoktrinatioun. Do ass vun der kathoulescher Kierch en extrem effektive System elaboréiert ginn an och zum Deel vun anere Reliounen, fir d'Leit bei der Staang ze halen. An deem Sënn kann ech verstoen, dass ee gleeweg ass, well een de Glawe vu klengem un age-trüchert krut, an een numol evolutiounsbiologesch drop getrimmt ass, als Kand alles ze gleewen, wat déi Erwuesse a virun allem d'Elteren engem zielen. 't ass also ganz schwéier doraus auszebriechen an d'Saachen ze hannerfroen. Dat maachen sech d'Reliounen zu Notzen.

- **Dir hutt grad Jo an Nee gesot, dat do war de Jo, wat ass den Nee?**

Ech denken, dass wann ee wierklech ufänkt nozedenken, an d'Prinzipie vun de Reliounen kuckt, wéi se funktionéieren, wat se propagéieren, a.s.w., misst een derhannert gesinn a mierken, dass dann dat ganz reliéist Gebilde zesummefällt wéi e Kaartenhaus. Kuckt bei der Fuerschung: Generell gëtt d'Fuerschung a Beräicher, déi der Kierch kënnen geféierlech ginn, als



negativ duergestallt an 't gëtt alles gemaach, fir dat ze verhënnern, wéi z. B. d'Hirnforschung. Firwat? Well d'Hirnforschung wäert opweisen, dass d'Reliosität vum Mënsch an domadder och d'Reliounen, de Glawen an déi „Götter“ näischt anescht sinn, wéi Produkter vu biochemesche Prozesser am Gehir, an domadder Produkter vun der Evolution, an net ëmgedréint. Sou Saache kënnen d'Kierchen net akzeptéieren, well se domadder verluer hunn a keng Argumenter méi hunn, fir hir finanziell Privilegien an hir Muechtstellung ze halen. Mä genau dorëms geet et hinne letztendlech an de Glawen ass nëmmen en Instrument, fir dat ze sécheren.

- **Kënnt dir dann awer Leit akzeptéieren, déi gleeweg sinn an kënnt dir och e gudden a positive Kontakt mat esou Leit hunn?**

Selbstverständlech! Ech hunn absolut kee Problem mat Leit, déi gleeweg sinn. Ech mengen, sou laang nach eng Toleranz do ass. Mir stellen allerdéngs fest, dass Toleranz vis-à-vis vun net gleewege Leit bei ganz ville Gleewegen, net bei en all, zimlech geréng ass, an domat hunn ech schon e Problem. Mä ech selwer hu kee Problem domat, wann ee gleeft, ob dat elo un d'Spaghettimonstern, d'Heinzelmännercher oder dee kathoulesche Gott ass oder soss eppes. Dat ass jidderengem säi Choix, a jidderengem säi gutt Recht.

- **Probéiert dir als AHA äre Message no bausse weider ze ginn, souzoe Leit „op är Säit“ ze kréien?**

(laacht) Jo, dat ass e bëssen d'Fro, ob mir och wëlle missionéieren, wéi d'Reliounen dat maachen! Nee, mir wëllen natierlech net missionéieren. Mir hunn keen Usproch fir an d'Schoulen ze kommen an Kanner ze indoktrinéieren. Mir si keng Relioun a mir si keng Ersatz-relioun! Mir sinn einfach e Veräin ouni Gewënnzweck, dee sech fir d'Interessie vun deenen Netgleewegen hei am Land asetzt an deen d'Problematik Relioun thematiséiert an doriwwer diskutéiert, an den Tabu ewech hält, se also entabuiséiert. Vill Leit wësse guer net, wou d'Reliounen an hir institutionell

Äerm iwwerall hir Fangeeren am Spill hunn. Natierlech, mär ginn och eraus un d'Éffentlechkeet, fir d'Leit doriwwer opzeklären. Mä wee bei eis Member gëtt, dee mécht dat fräiwëlleg a gëtt net am Alter vun 3 Méint zwangsrekrutéiert. Jiddereen muss fir sech selwer decidéieren, wat e wëllt.

- **Dir hat jo eng ganz opfälleg Campagne op de Bussen. Kënnt dir eis dat nach emol kuerz beschreiwen, fir déi Leit, déi dat sollte verpasst hunn?**

D'Zil vun AHA fir d'Joer 2011 war, fir de Veräin bekannt ze maachen, eis ze etabléieren an e puer Memberen ze kréien. Mir wollten also eng Campagne maachen, mir wollten awer net een aggressive Message géint d'Relioun bréngen, mä einfach déi Leit uschwätzen, déi net reliéis sinn, déi also näischt mat Relioun, Glawen a Kierch um Hutt hunn. Dofir hu mer de Slogan „Net reliéis? Stéi dozou!“ entwéckelt, dee mir op d'Werbefläch vu Busse plazéiert hunn. 't ass ee Slogan, dee keen ugräift, kee beleidegt, jo guer net u gleeweg oder reliéis Leit gericht ass. An awer war dat wuel verschiddene Leit schon ze vill.

- **Wat krut dir da vu Reaktiounen an hat dir déi erwaart?**

Schonn no e puer Deeg krute mer eng Meldung, dass eng Busentreprise den Autocollant rofgeholl hat. Verschiddene Journalisten hunn och recherchéiert, an et gesäit sou aus, wéi wann esou lokal kathoulesch Veräiner bei de Busentreprise ugeruff hunn a gesot hunn, déi missten den Autocollant erofhuelen, soss géifen si als Veräiner déi Firma net méi buchen, z. B. fir hir Ausflug. Déi Aktioun vun deene kathoulesche Veräiner war eng primitiv Attack op d'Meenungsfräiheet zu

Lëtzebuerg. 't ass ee Beispill fir dat, wat ech virdu gesot hunn: d'Toleranz vu ville Gleewege vis-à-vis vun Net-Gleewegen ass oft net ganz grouss. Glécklecherweis huet den zoustännige Minister Wiseler excellent reagéiert: d'Campagne ass weider gaangen an d'Autocollante sinn nees drop komm.

Déi Reaktiounen weisen awer, dass AHA eescht geholl gëtt. De Ghandi huet eng Kéier gesot, an engem anere Kontext: «First they ignore you, then they laugh at you, then they fight you, then you win». Mol kucken, wéi et weider geet... (laacht)

- **Wat géift dir da soen, wa lo all d'Kierchen zu Lëtzebuerg eng Campagne géife maachen: „Reliéis? Stéi dozou!“?**

Ech géing mech köstlech amuséieren, dat wär fir eis als AHA eng super Saach. Well wat d'Kierch sech méi no bausse weist, wat méi Leit dozou stinn, dass se näischt domat wëllen ze dinn hunn. Mir gesinn dat dorunner, dass ëmmer wann d'Kierch oder hir Anhängelse grouss an de Medie sinn, wéi bei der Oktav oder bei der rezenter Bëschofswei, d'Austrëttszuelen aus der Kierch iwwert eise Site www.fraiheet.lu staark an d'Luucht ginn. Dofir, fir eis wär eng



Kirchenaustrëtt ouni Péng

Campagne „Reliéis? Stéi dozou!“ eng flott Saach. Avis aux amateurs! (laacht)

- **Ass Relioun, gleeweg oder net gleeweg sinn net eng Privatsaach? Eriwwregt et sech dann net, dozou stoen ze missen, ob ee lo reliéis ass oder net?**

Jo an nee. Am Prinzip ass jidderengem seng Weltanschauung seng Privatsaach. Jidderee ka gleewen, do hu mir guer kee Problem domat. Ob dat elo de kathoulesche Gott ass oder ee Spaghettimonster. Mä mir sinn emol net an der Situatioun, wou dat privat gehandhapt gëtt. An do si mir dann erëm beim Thema vun Trennung vu Kierch a Staat. Wa mir iergendwann um Punkt sinn, wou d'Reliounen net méi vum Staat, vum Steierzueler finanzéiert ginn, wou notament d'kathoulesch Kierch keng Indoktrinatioun vu Kanner an eise Schoule méi bedreift, wou se sech net an d'Politik amëscht an hir Dogmen der ganzer Gesellschaft wëllt opzwängen (siehe Euthanasiegesetz, projet de loi avortement), dann ass et eng Privatsaach. Well da just nach déi Leit domadder ze dinn hunn, déi dat och wierklech fir sech wëllen.

Sou laang et awer bleift wéi et elo ass, ass et eiser Meenung no de facto keng Privatsaach. An dofir ass et wichteg, dass Leit, déi näischt domat um Hutt hunn, och dozou stinn, z. B. andeems se aus der Kierch austrieden, fir dass d'Politik endlech begräift, dass eppes muss änneren. A Politiker reagéiere bekanntlech nëmmen op Drock...

Villmools Merci fir d'Gespréich!



Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

www.aha.lu

Religion ist Tradition

Seit mehreren Generationen wird in unserer Familie der christliche Glauben aktiv gelebt.

Als ich vor 30 Jahren zur Welt kam, wurde ich natürlich wie das eben üblich war. Zudem trug ich unser Familientaufkleid, in dem Kleid, wo schon sehr viele Kinder vor mir getauft wurden und auch, bestimmt noch mehrere getauft werden.

Als ich dann zur Schule ging, kam ich automatisch in den Religionsunterricht und wurde jede Woche zur Samstags oder Sonntagmesse geschickt. Die Erstkommunion und die Firmung reihten sich an.

Ich wurde nicht gefragt ob ich das will, das war einfach so. Meine Freunde sahen das eher als Zwang an, da ich dann am Sonntag nicht gleich um 10 mit ihnen spielen konnte sondern erst bis elf zur Messe musste. Wiederum hätte ich sonntags auch lieber länger geschlafen als in die doofe Messe zu gehen. Es war vor allem mein Großvater der darauf bestand dass ich immer in die Kirche ging.

Vor ein paar Wochen erst erzählte mir meine Mutter warum sie nie mit zur Kirche ging. Mir war das als Kind nie so bewusst, dass sie damals eher selten mit uns zur Messe ging. Sie sagte mir, dass sie aufgehört hat die Kirche zu besuchen als vor 44 Jahren mein Bruder mit dem sogenannten Down-Syndrom zur Welt kam. Sie war derma-

Ben enttäuscht dass es gerade sie getroffen hatte. Mittlerweile denkt sie aber anders darüber.

Als ich 15 war, verstarb mein Opa, und damit auch der regelmäßige Kirchgang. Nach seiner Beisetzung besuchte ich die Messe noch einmal für die 6 Wochen und Jahresmesse.

Mit 17 wurde ich selbst Mutter, wie es auch meine Mutter für mich entschieden hatte, entschied ich auch für meine Tochter, dass sie getauft wird. Sie machte auch die Erstkommunion, obwohl ich selber nur noch die Kirche besuche wenn jemand gestorben ist der mir nahe stand.

Nun wird meine Tochter 13 und die Firmung steht bevor. Da sie nun alt genug ist, selbst zu entscheiden ob sie die Firmung will oder nicht, ließ ich ihr da ihren freien Willen. Sie hat sich nun selbst in den Unterricht eingeschrieben da sie sagte sie werde das schon schaffen, und sie nicht mit der Tradition brechen will. Ehrlich gesagt bin ich froh, dass sie sich dafür entschieden hat obwohl es für mich und meine Familie eher Stress bedeutet.

Da die Bedingungen die die Kinder für die Firmung erfüllen müssen, nicht gerade einfach und ohne enormen Zeitaufwand zu bewältigen sind.

RedDevil

Interview

mit Herrn Ingo Hanke

Ingo Hanke ist evangelischer Theologe. Als theologischer Mitarbeiter der ErwuesseBildung ist er zuständig für die Themenbereiche Ökumene, interreligiöser Dialog und Spiritualität. Er organisiert Veranstaltungen zur Begegnung zwischen den christlichen Konfessionen und zum Dialog mit den Religionen (z.B. mit Muslimen, Juden, Buddhisten und Bahais.)



• Wann spricht man von einer Religion?

Ich versuche zu beschreiben, was ich unter Religion verstehe, wenn das auch nicht vollständig ist:

Religion im besten Sinne ist ein Lebensraum, in denen Menschen eine geistig-seelische und soziale Heimat finden können. Dort teilen sie den Glauben an eine höhere Wirklichkeit und deren Erfahrung, die ihnen in ihrem Leben Liebe, Kraft, Frieden, Trost und Freude zu schenken vermag. Hier pflegen Menschen ihre persönliche Beziehung zu einer Welt, die über das hinausgeht, was sie mit den Sinnen erkennen können. Gleichzeitig aber sagen religiöse Menschen, sie können diese Wirklichkeit in ihrem Herzen fühlen, auch wenn sich das nicht verstandesmäßig erklären lässt. Dazu passt das Wort des Religionsphilosophen Blaise Pascal: „Das Herz hat seine Gründe, die der Verstand nicht kennt.“ In den meisten Religionen wird diese zentrale Erfahrung Gott genannt, und zu ihm kann jeder Mensch ganz persönlich sprechen. Diese Sprache heißt Gebet. Es gibt auch Religionen, in denen es streng genommen keinen Gott gibt, wie im Buddhismus zum Beispiel. Aber auch Buddhisten beten auf ihre Weise und haben dafür wie die anderen Religionen Häuser des Gebets geschaffen: die Tempel.

Poetisch ausgedrückt laden Religionen zu einer Liebesaffäre mit Gott ein, dem Inbegriff für grenzenlose Liebe. Und diese Erfahrung hat den Geist vieler Menschen in den Religionen beflügelt. Es entstanden z.B. außerordentlich schöne Kunstwerke, Dichtungen und Lieder. Die „Freundschaft mit Gott“ hat aber auch viele Taten und Werke der Nächstenliebe erweckt. Man denke z.B. an die grossen karitativen Organisationen der Kirche.

Religionen können Menschen also nicht nur eine innere Heimat schenken, sondern haben das Potential, das Bewusstsein des Menschen so zu weiten, daß er sich sogar auf einer tiefen Ebene mit jedem Menschen, ja sogar mit der Natur verbun-

den fühlt. So liegt in den Religionen eine Friedenskraft. Nicht zuletzt schenken die Religionen Menschen etwas, was die Wissenschaften ihnen nicht geben können, nämlich Lebensinn.

• Bitte erklären Sie uns den Unterschied zwischen Katholiken und Protestanten.

Prägend ist für die Protestanten die Konzentration auf die biblische Tradition, während in der katholischen Kirche auch die kirchliche Überlieferung eine wichtige Rolle spielt. Jesus Christus gilt als alleinige Autorität für die protestantischen Gläubigen. Zentral ist in der protestantischen Tradition die Bedeutung des Glaubens als Brücke zu Gott, mit anderen Worten: Die Beziehung zwischen Mensch und Gott verdankt sich allein dem Vertrauen darauf, was nach christlicher Überlieferung Christus für die Menschen getan hat: Er hat sein Leben hingegeben, um die Menschen von dem zu befreien, was sie von Gottes Wirklichkeit trennt, also der Sünde, wie es traditionell formuliert wird. Die Bedeutung des Glaubens wird auch in der katholischen Kirche anerkannt, aber nicht so einzigartig angesehen. Die protestantische Tradition lässt sich am knappsten beschreiben durch: Es zählt „allein“ Christus, „allein“ die Schrift, „allein“ der Glaube und „allein“ die Gnade Gottes. Zudem gibt es für die Protestanten keine sieben Sakramente, sondern nur zwei Sakramente, weil sie nach der Bibel von Jesus eingesetzt wurden: Die Taufe und das Abendmahl. Da die Protestanten sich vor allem auf Christus als Brücke zur Gott beziehen, gibt es auch keine Marienverehrung oder eine Verehrung von anderen Heiligen.

Ein weiterer wichtiger Unterschied zwischen katholischer und protestantischer Kirche bildet das Verständnis der Eucharistie. Nach katholischer Auffassung kann nur ein geweihter Priester die Wandlung vollziehen, also die Wandlung von Brot und Wein in den Leib und das Blut Christi. Diese Vorstellung gibt es in der protestantischen Tradition nicht. Bei den genannten Unterschieden muss natürlich betont

werden, dass es vieles gibt, was die beiden Konfessionen gemeinsam haben. Was sie aber vor allem eint, ist das Bekenntnis zu Jesus Christus als wesentliche Offenbarung Gottes in unserer Welt.

• Sie sind für den interreligiösen Dialog zuständig. Was versteht man konkret unter interreligiösem Dialog? Warum ist dieser so wichtig und was kann er bewirken?

Der interreligiöse Dialog ist nach meiner Ansicht vor allem eine Friedensaufgabe. Er versteht sich - geschichtlich gesehen - nicht von selbst. Unterschiedliche religiöse Anschauungen haben zwischen Nationen und Kulturen, aber auch innerhalb von Nationen über Jahrtausende Leid verursacht oder Konflikte mit verschärft. Der interreligiöse Arbeitskreis in Luxemburg, AGIR, Action-Gruppe-Inter-Religions - ausgeschrieben, wurde in Folge des vergangenen Jugoslawienkrieges gegründet. Denn in diesem Krieg wurden die religiösen Unterschiede in Exjugoslawien mißbraucht, um die ethnischen Konflikte anzuzünden. Ich erinnere z.B. an das Massaker, das an 8000 bosnischen Muslimen 1995 von serbischen Christen in Srebrenica verübt worden ist. In Folge des Jugoslawienkrieges hat Luxemburg auch bosnische Flüchtlinge aufgenommen.

AGIR, das nächste Jahr sein zwanzigjähriges Jubiläum feiert, besteht aus Repräsentanten verschiedener Religionen und von verschiedenen Einrichtungen. In diesem Kreis wirke ich als Vertreter der ErwuesseBildung mit. Wichtig sind unsere regelmässigen Treffen, um sich näher kennenzulernen, religiöse Unterschiede und Gemeinsamkeiten auszutauschen und interreligiöse Projekte durchzuführen. AGIR ist z.B. jedes Jahr mit einem Stand beim Festival de l'Immigration vertreten, um sein Engagement in der Öffentlichkeit bekannt zu machen. Jedes Jahr organisiert AGIR auch interreligiöse runde Tische, an denen Vertreter der verschiedenen Religionen sich zu einem festgelegten Thema -z.B. Menschenrechte - äußern und sich den Fragen des Publikums stellen. Mittlerweile organisiert AGIR in Kooperation mit dem interreligiösen Arbeits-

kreis in Trier auch jedes Jahr ein interreligiöses Konzert.

Wer im interreligiösen Dialog aktiv ist, macht die Erfahrung, dass Gemeinschaftserlebnisse und unterschiedliche religiöse Herkunft sich nicht ausschliessen, sondern im Gegenteil wird Einheit in der Vielfalt erlebt. Ich denke, viele machen im interreligiösen Dialog eine fundamentale Erfahrung, wie sie mal der Trappistenmönch Thomas Merton bei einem Treffen mit Buddhisten in China formulierte: „In der Tiefe sind wir alle eins.“ Genau diese Erkenntnis ist es, die den interreligiösen Dialog so wertvoll macht und auch ein Zusammenwachsen der Kulturen in Europa unterstützt. Der interreligiöse Dialog kann also zu einem Klima beitragen, das von der Wertschätzung anderer Kulturen und Religionen geprägt ist.

• Inwiefern ist religiöser Extremismus gefährlich und wie real oder akut ist diese Gefahr für uns in Luxemburg oder Mittel- und Nordeuropa im Moment?

Jede Form von Extremismus ist gefährlich, weil sie Spaltungen in der Gesellschaft hervorrufen kann. Ich verweise auf die Tragödie in Deutschland, wo in den letzten 10 Jahren Menschen aus rechtsradikalen Kreisen 10 Menschen türkisch-muslimischer Herkunft getötet haben. Das ist ein Skandal, der nun aufgearbeitet wird. Wer den Extremismus verstehen will, muss die komplexen Ursachen begreifen. Denn es sind oft junge Menschen, die sich extremistischen Gruppen anschließen, und das hat verschiedene Gründe: Z.B. mangelnde Ausbildung, Arbeitslosigkeit, mangelnde familiäre oder freundschaftliche Bindungen und andere Faktoren. Sie alle können das Selbstwertgefühl junger Menschen beeinträchtigen. Dadurch werden sie anfällig für Gruppen, die ihnen Sicherheit und Anerkennung schenken, aber eben auch radikale Positionen in Bezug auf die Gesellschaft vertreten. Mir scheint, dass der religiöse wie jeder Extremismus viel mit dem Gefühl sozialer Isolation zu tun hat, was leider auch zu einer Unfähigkeit zum Dialog mit Andersdenkenden führen kann.

Darum ist für mich die Frage entscheidend, wie integrationswillig und - fähig ist eine Gesellschaft? Was geschieht, damit eine soziale Schere nicht immer tiefere Gräben schafft? Wie wird das Entstehen von Parallelgesellschaften verhindert? Wie integrativ ist die Schulbildung und die Jugendarbeit? Was wird getan, um Ängste gegenüber anderen Kulturen und Religionen zu überwinden? Welche Rolle spielen hier die Medien?

Die Gefahr für Europa sehe ich nicht im religiösen Extremismus, sondern in den wachsenden wirtschaftlichen und sozialen Spannungen. Hier sind vor allem viele junge Menschen betroffen.

- **Gibt es in allen religiösen Gemeinschaften eine Bereitschaft zum Dialog? Welchen Schwierigkeiten kann man begegnen?**

Auf Luxemburg bezogen beteiligen sich an dem interreligiösen Dialog immerhin Christen katholischer und protestantischer Herkunft, Muslime, Juden, Bahai und Buddhisten. Es ist aber noch ein weiter Weg, bis der interreligiöse Dialog auch im Leben der lokalen religiösen Gemeinschaften stärker vorkommt.

Mein Eindruck ist, dass der interreligiöse Dialog sich auf europäischer und globaler Ebene Stück für Stück ausbreitet. Er ist keine Massenbewegung. Aber es gibt immer mehr interreligiöse Dialoggruppen und Organisationen. In England gibt es z.B. über 250 InterFaith-Gruppen. Dort treffen wir sogar das Faktum an, dass der Staat extra Menschen anstellt, die den interreligiösen Dialog fördern sollen.

Die Schwierigkeiten im interreligiösen Dialog sind vielfältig und sicher lokal unterschiedlich. Z.B. wird der interreligiöse Dialog überwiegend von Männern geführt. Hier berühren wir also das Verhältnis der Geschlechter innerhalb der Religionen. Auf einem Treffen Ende November 2011 hier in Luxemburg, organisiert vom Europarat, das sich der interreligiösen Dimension des Dialogs zwischen den Kulturen widmete, wurde ein weiteres Problem erörtert, nämlich die Rolle der Medien. Leider tragen sie oft mehr zur Polarisierung zwischen den Religionen bei als zum Brückenbauen.

- **Kann man etwas mit Spiritualität anfangen, d.h. kann Spiritualität für jemanden eine Rolle spielen, der nichts mit Religion am Hut hat?**

Spiritualität ist ein vielschichtiger Begriff, der bei Menschen unterschiedlichste Vorstellungen weckt. Ich möchte mich hier auf einen bestimmten Aspekt konzentrieren.

Nach meiner Auffassung berühren wir mit der Spiritualität das Herz der Religionen, nämlich die Erfahrung einer Wirklichkeit, die mein herkömmliches Bewusstsein überschreitet und weiten kann, und zwar in die Richtung, dass ich mich in



einer grundlegenden Einheit mit der Welt erfahre. Wie immer man diese Erfahrung auch bezeichnet, als Gotteserfahrung oder als kosmisches Bewusstsein, so erkenne ich hier ein wichtiges Potential der Religionen für den Weltfrieden. Ein Bruder der ökumenischen Glaubensgemeinschaft aus Taizé in Frankreich erzählte mir von einem Gespräch mit einem hinduistischen Gläubigen. Sie unterhielten sich über das Gemeinsame der Religionen. Der Hinduist sagte sinngemäß: Die unterschiedlichen Religionen sind verschiedene Ausgangspunkte am Fuss eines Berges. Ihre Wege laufen aber alle auf dem Gipfel zusammen, und zwar als universale Einheitserfahrung. Das verstehe ich unter Spiritualität in einer seiner wichtigsten Grunderlebnisse, also dass Menschen sich unabhängig von ihren Denkvoraussetzungen und Vorstellungen auf einer sehr tiefen Bewußtseinsebene begegnen und Gemeinschaft entdecken können.

Und dafür muss man meiner Meinung nach keiner religiösen Institution angehören. Und in der Tat gibt es mehr und mehr Menschen, die nach jener Einheitserfahrung auf vielfältige Weise an den Religionen vorbei suchen. Das erkennt man an den vielen Meditationskursen und - wochenenden, die gerade in den Ländern der westlichen Kultur angeboten werden.

Spiritualität, innerhalb oder ausserhalb der religiösen Institutionen, scheint mir eine wichtige Voraussetzung dafür zu sein, dass die globale Menschheit sich wirklich als eine Familie erkennt, die auf der Erde und mit der Erde ein gemeinsames Schicksal teilt.

Vielen Dank für das Gespräch!

weitere Informatioen zur ErwuesseBildung

finden Sie unter:

www.erwuessebildung.lu

Le droit de choisir

Chacun a le droit de choisir d'un moment à l'autre, d'être chrétien ou pas. Mais il faut savoir qu'il y a quelque chose au-dessus de l'être vivant. Il y a un seul Dieu pour tout le monde, il n'y a pas d'autre Dieu. Cela veut dire qu'on doit être content de lui.

Moi je suis contente de moi-même. Chaque matin, quand je sors de mon lit, je me demande s'il y a quelqu'un qui me guide pour que je quitte mon lit, je bouge pourquoi je bouge et comment je bouge ou pourquoi j'ai un sentiment de moi-même. Il y a quelque chose que je ne vois pas qui me fait comprendre le tout qui est en moi, une existence de quelque chose, un Dieu, pas autre chose.

Je pense aussi que l'être humain, s'il choisit de nier que Dieu existe, il faut le respecter, car il n'y a pas une loi pour comprendre ou croire que Dieu existe, mais d'autre part il faut se mettre en question, et se confronter avec la réalité.

S'il n'y a pas de loi qui m'oblige de me rendre à l'église, cela n'exclut pas que je dois prier si je sais que Dieu existe, en outre je peux faire ma prière chez moi où j'ai le sentiment de le faire en toute légalité sans que je dérange mon voisin. Mais pas d'obligation.

Je suis persuadée qu'à chaque fois qu'on a un problème on se rend à l'église pour résoudre

son problème. D'un côté je dirais oui, car j'ai besoin de communiquer avec Dieu afin de trouver ma paix intérieure, de l'autre côté je dirais non, car moi-même je peux résoudre le problème sans que je me rende à l'église, mais en respectant mon entourage.

Il faut aussi respecter le choix de chaque communauté cependant ils n'ont pas le droit d'influencer ou inciter les autres à entendre leur façon de voir, leur façon de vivre, leurs croyances. Chacun a le libre choix de vivre de sa façon.

Si on cherche la paix on la trouve, si on le souhaite en soi-même et aussi pour le monde. Ce monde n'appartient à personne. Dieu l'a créé. Ce monde dans lequel nous vivons, on l'a trouvé comme il était et on ne l'a pas respecté, on l'a transformé.

Pourquoi l'un est catholique, l'autre est musulman, ou juif? Je pense que en dehors de toutes ces communautés il y a un but, ils se retrouvent ensemble avec un Dieu. Mon souhait est qu'un jour on n'aura plus besoin de plusieurs communautés chrétiennes. Un seul rassemblement de chrétiens sans qu'on attend l'identification de l'un ou de l'autre, c'est ça mon rêve.

Eugénie

**Opgepasst
op falsch Kollekten a falsch
«Mataarbechter»**

**Attention
aux fausses collectes au profit
de la Stëmm vun der Strooss**

D'Stëmm vun der Strooss deelt mat datt si, nach nii an och nii wäert Leit schecken vir an hiirem Numm Zeitungen ze verkaafen oder einfach opzehiewen.

Wann also een bei lech doheem schellt an seet hien wär en Mataarbechter vun der Stëmm vun der Strooss, gitt him weg keng Suen an soot der Police bescheet.

L'association Stëmm vun der Strooss n'a jamais donné comme mission à ses bénéficiaires de faire du porte à porte en vue de collecter des fonds.

Si un jour une personne se présente chez vous pour vous demander de faire un don au profit de notre association, ne lui donnez rien et contactez immédiatement la police.

**Dr Stëmm consultations
médicales sur roues**

Consultations médicales gratuites deux fois par mois le mercredi après-midi dans les locaux de la Stëmm vun der Strooss 105, rue du cimetière L-1338 Luxembourg. Renseignements supplémentaires au numéro: 49 02 60

Gratis medizinische Behandlung jeden zweiten Mittwoch nachmittags in den Räumlichkeiten der Stëmm vun der Strooss 105, rue du cimetière L-1338 Luxembourg. Zusätzliche Auskünfte unter der Nummer: 49 02 60



Interview

mam Aerbëschof Jean Claude Hollerich

De 15. November 2011 ass eng kleng Delegatioun vun der Redaktioun vun der Stémm vun der Strooss den Äerbëschof Jean Claude Hollerich fir en Interview an den Bistum besiche gang.



- **Kënnst Dir eis e bëssen erklären, wéi Äert berufflecht Liewe bis elo ofgelaf ass, vun do un, wou dir Geeschtleche sidd, bis elo, wou dir Äerbëschof vu Lëtzebuerg sidd?**

Ech si 1990 Geeschtlech ginn, an do hunn ech fir d'éischt nach véier Joer zu München studéiert. Ech hu während där Zäit awer och hei zu Lëtzebuerg matgeschafft. Ech sinn dann ëmmer um Weekend an de Seminaire komm an hunn do deemools e puer jonk Leit mat begleet, déi sech drop virbereet hunn, an de Seminaire anzetrieden. 1994 sinn ech a Japan gaangen. Do war ech Enseignant op der Uni, Vizeprofessor, Professor, an do sënn ech an d'Verwaltung komm, zum Schluss war ech Vizepräsident vun der Uni an och am Conseil d'administration vun der Uni zu Tokyo.

- **Wat war Är éischt Reaktioun, wéi dir héieren hutt, dass Dir deen neien Äerbëschof wiert, a wat wëllt Dir als Äerbëschof errechen?**

Meng éischt Reaktioun war wat een Ehrfurcht virum Herrgott nennt. An op der anerer Säit awer och Zouversicht, dass, wann de Pöpst mech ernennt, dass den Herrgott dat dann esou wëll, an dass ech dann och mäi Bescht wäert ginn. A mäin Zil als Äerbëschof vu Lëtzebuerg, dat ass einfach eng lieweg Kierch.

- **Wéi verstitt Dir dat?**

Eng lieweg Kierch ass fir mech eng Kierch, wou d'Mass stëmm muss. Dat heescht, wat mir an der Kierch feieren, muss mir och am Alldag liewen. Dat heescht, d'Chrëschte mussen engagéiert sinn, d'Mënsche respektéieren a si solle fir déi Mënschen, déi ronderëm sinn, do sinn. Eng lieweg Kierch ass awer och eng Kierch, wou jiddereen sech wuelfillt, wou keen sech ausgeschloss fillt, aus wéi enge Grënn och ëmmer. Jidderree soll an der Kierch doheem sinn an sech abrénge kënnen.

- **Wat ass Är Meenung no dat wichtigst fir e Chrëscht a**

Katholik, a wat sinn d'Flichte vun engem Chrëscht?

Dat schéinst vun engem Katholik ass, datt e weess, datt den Herrgott e gären huet. Hie kann an dem Bewosstsinn liewen, datt e ganz vum Herrgott ugeholl ass. Mir Mënschen huelen eis net ëmmer esou 100 Prozenteg un. Mir verstoppen iergendeppes oder mir ginn eis besonnesch gutt, fir dass mer kënnen ugeholl ginn a geléift ginn. Beim Herrgott ass déi Léift ouni iergend eng Bedingung. Déi ass einfach do. An dat ass dat schéinst fir e Chrëscht. An d'Flichte vun engem Chrëscht: Et gëtt jo gesot, datt de Katholik soll sonndes an d'Mass goen. Wat heescht dat? Dat heescht, dass hie soll deelhuelen un der Versammlung, wou d'Chrëschten zesummekommen, fir d'Operstehung vu Jesus Christus ze feieren. Et kann een nëmme Chrëscht mat aneren zesumme sinn.

- **Et gi manner Leit an d'Kierch ewéi nach viru Joeren. Wat mengt Dir u wat dat läit, a wéi kann d'Kierch méi interessant ginn, och fir jonk Leit?**

Merci fir déi Fro. Dat ass fir mech eng ganz wichteg Fro. Ech sichen d'Gespréich mat der Jugend, an ech well d'Jugend invitéieren, fir an d'Kierch ze kommen. Well ech mengen, dass mir och eppes kënnen ginn. Mir kënnen Hoffnung ginn, eng Freed an der Botschaft vum Chrëschtentum ginn; och fir eis Jugendlecher. Dat ass wahrscheinlech schwéier ze erliewen an all de Kierchen. Dofir muss mir Plaze maachen an och Kierchen hunn, wou déi Jugendlech sech doheem spieren. Ech mengen och, dass mir als Kierch vun de Jugendleche léiere kënnen. Ech hat jo vill mat Jugendlechen ze dinn, all déi Joeren op der Uni, an ech hunn en immenst positivent Bild vun de Jugendlechen. Déi denke vill no, iwwert sech an iwwert hiert Liewen. Si hu gewësse Virstellungen, wat gutt a wat schlecht ass. Si wëssen och, datt si selwer och net ëmmer alles anhalen. Ech fannen, dass déi Jugendlech ganz éierlech mat sech selwer sinn an dass se dann déi Critère vun der Éierlechkeet un d'Kierch uleeën. An dat deet der Kierch gutt. Et deet der Kierch och gutt emol vu Jugendlechen hannerfrot ze ginn.

- **Wat sot Dir engem Mënsch, dee ganz vill Schlëmme a Misère a sengem Liewen hat an da seet: «Et ka kee gudde Gott ginn, well soss hätt e mer dat net ugedoen?»**

Ech géing fir d'éischt näischt soen. Well wann een esou e Misère huet, da sinn all Wieder falsch. Dat ass en Troust, dee just iwwerflächlech ass, a wou e mierkt, dass dee net echt ass.

Ech mengen dee Moment heescht et just bei deem Mënsch sinn. Dass de Mënsch spiert, dass en net alleng gelooss ass. An aus där Bezéiung eraus kann de Mënsch da villäicht selwer déi Fro beäntweren. Déi grouss theologesch Äntwert wier, dass den Herrgott de Misère net ofgeschaaft huet, mä en huet e selwer op sech geholl. Dass Christus um Kräiz gestuerwen ass. Hien ass selwer an de Misère eragaangen. E gouf geschloen, et gouf op e gespaut, all seng Frënn si vun him fortgaangen, an hien huet den Doud erfuer. Den Doud ass eng Erfahrung, déi mir alleguer maache wäerten,



an dass den Herrgott eis esou gären huet, dass en esouguer déi Erfahrung mat eis deelt. Chrëschtentum ass eng ganz realistesch Religioun. D'Chrëschtentum seet net: «Mir blösen de Misère ewech.» D'Kierch seet och net: «Wann s de biets, geschitt der kee Misère.» Du kanns bieden, du kanns ganz fromm sinn an all Dag an d'Kierch goen, an op eemol stierft däi Frënd. Oder du gëss krank. Dat hänt net mateneen zesummen. Mä an d'Kierch goen a Chrëscht sinn, hëlleft mir, domat ze liewen. Awer mir mussen oppassen, dass mir an der Kierch net ze séier Äntwerte ginn. Wann zum Beispill engem säi Kand stierft, dann ass et ganz schwéier eppes ze soen. Et kann een am Fong just soen, dass ee fir dee Mënsch do ass. Awer all Wuert vun Troust wier do falsch. Oder wier gelunn. Dee Mënsch muss och duerch säin eegent Leed erduerch goen. Op dem Wee kann een en och begleeden. Awer d'Trauerarbeit, déi vollkomm Verloossenheet am Häerz, dat ka keen him huelen. Dat kann een net mat engem schéine Sproch ewechmaachen.

- **Wéi kann esou e Mënsch nach u Gott gleewen oder nach iwwerzeegte Chrëscht sinn?**

Glawen ass jo just, dass een eng Gewëssheet huet, déi een net beweise kann. Glawen ass, wann et engem fuerchtbar schlecht geet, wann een an allem den Ekel huet, an et spiert een dann awer, dass een an der Hand vum Herrgott gehalen ass. Fir mech ass den Herrgott ewéi eng Hand, an där ech gehale sinn. A wann och déi schlëmmste Saache geschéien, weess ech, dass ech aus der Hand net erausfale kann. Dass déi mech dann dee Moment hält. Mä dat muss déi Person selwer erfueren. Ech kann hir dat net anriichten. Do ass Glawen eng ganz perséinlech Saach. Dat kënnt dann och vun deene Saachen, déi ee virdrun erfuer huet. Wann een déi Gebuergeheit schonn an aneren Occasiounen erlieft huet, da kann een och dorop zeréckgräifen, fir an der Kris domat ze liewen. Awer den Herrgott ass grad bei deenen, deenen et schlecht geet. Doru gleewen ech ganz fest. Gott ass net an de Palaisen. En ass do, wou Leit wéi hunn, wou

Leit Angscht hunn, wou Leit hongereg sinn, wou Leit duuschtere sinn. Do ass den Herrgott.

• **Kann een dee Moment den Herrgott och an anere Leit gesinn?**

Sécher. Den Herrgott wierkt duerch alles. Ganz oft duerch Leit, déi engem hëllef, déi dee Moment do sinn, déi e gutt Wuert ginn. Heiansdo wierkt en och direkt, dass een op emol d'Häerz frou kritt, e wierkt duerch d'Natur, déi schéin ass, e wierkt duerch d'Musek. Dofir soe mir jo och an der Kierch, dass, wann ee sech bestued, dass dat e Sakrament ass. Den Herrgott schwätzt duerch déi Léift zu deem aneren. An ech schwätze mat menger Léift vum Herrgott. Eis ganz normal mënschlech Léift gétt uegobonnen un d'Léift vum Herrgott.

• **Huet d'Kierch sech moderniséiert an a wéi enge Beräicher misst se nach méi modern ginn? Ass d'Kathoulesch Kierch esou, wéi se elo ass, zukunftsfiäeg?**

Eng Schwéier Fro. Ech hoffe jo. Mä si muss sech änneren, an dem se d'Sprooch vun de Leit schwätzt. Wann ech d'Botschaft vu Christus an enger Sprooch schwätzen, déi esou komplizéiert ass, dass kee Mënsch se versteet, da verkënnegen ech d'Wuert jo net. D'Kierch muss d'Sprooch vun de Leit schwätzen. An domat mengen ech eng Sprooch vum Häerz, déi d'Leit verstinn. Do musse mir eis änneren. Mir, dat heescht, de Bëschof, d'Paschtéier an all déi Leit, déi fir d'Kierch schaffen, mussen sech jo och all Dag nei bekëieren, zu Gott. Dat heescht, mir mussen eis duerch den Herrgott verännere loosse. Wann een eng Frëndschaft huet, e Frënd oder eng Frëndin, dann ännert ee sech jo och. D'Léift verännert e Mënsch. A wann ech den Herrgott wierklech gären hunn, a wann ech wierklech gleewen, da muss den Herrgott mech och verännere. Wann ech an d'Kierch ginn a bieten, a mat biede mengen ech net einfach Sätz erofrasselen, mä richtig bieden, wann ech zu Gott schwätzen oder wa Gott zu mir schwätzt, am Silenz, da ginn ech och verännert. An da kann ech dat soen, wat d'Leit brauchen. An d'Kierch muss dat maachen. D'Kierch muss méi op den Herrgott zentréiert sinn, fir kënne mat de Mënschen ze sinn.

• **Firwat gétt et déi Hierarchie an der Kierch, ass se wichtig, an ass dat iwverhaapt am Sënn vu Gott oder Jesus, wann dach all d'Mënsche solle gläich sinn, och viru Gott. Da wär esou eng Hierarchie jo net chrëschtlech?**

All Mënsche si gläich. D'Hierarchie vun der Kierch seet net, dass d'Mënschen ongläich sinn. Dat heescht, als Bëschof sinn ech fir Gott net méi wichtig ewéi en anere Mënsch. Op Chrëscht oder net Chrëscht. D'Hierarchie kënnt vu Gott, dee säi Bouf op d'Äerd geschéckt huet. A Christus huet och Mënsche geschéckt.

Är Fro weist allerdéngs, dass mir déi Hierarchie liewen. An dat heescht dass d'Botschaft, esou wéi se gemengt ass, net ukënnt.

Do musse mir eis änneren. Déi Hierarchie ass eng Hierarchie vum Déngscht. Mir schwätzen an der Kierch vum Déngschtamt. Dat heescht, de Bëschof misst den héchsten Dénger sinn. Net den Här.

• **An de Poopst?**

De Poopst ënnerschreift esouguer mat Servus Servorum. Also Dénger vun allen Dénger.

• **An dofir «Hellege Papp?»**

Jo. Mä den Titel ass mat der Zäit gewuess. Dat weist och eigentlech net d'Vertrauen an de Poopst, mä éischter d'Vertrauen zu Gott. Dass de Poopst vu Gott kënnt. Ech perséinlech hunn Titelen net gären. Dofir sot ech jo och, ech wëll net «Monseigneur» genannt ginn, mä einfach «Här Bëschof.» Well ech war an enger anerer Kultur. Net an enger barocker Kultur, wou d'Titele wichtig waren. A Roum ass e



bësse barock. Dat gesäit ee schonn un der Architektur. De Péitersdouw, d'Péitersplaz, dat ass barock Architektur. Dat ass also eng barock Kultur, kënnt ee soen. Mä hei, hei wëll ech net barock sinn. Hei wëll ech 21. Joerhonnert sinn. An duerfir Här Bëschof an net Monseigneur!

• **Wéi sollen sech d'Chrëschte géigeniwwer Judden a Moslemen verhalen?**

Wéi Bridder. D'Jude sinn eis Pappen am Glawen. De Christus war Judd. Eise Glawe kënnt vun der Synagoge. Fir mech ass d'Synagoge d'Mamm vun der Kierch. An eng Duechter soll ëmmer frou mat hirer Mamm sinn. An d'Moslems sinn eis Bridder, déi u Gott gleewen. Mir hu jo hei e ganz falscht Bild vum Islam. D'Moslems wäer Fanatiker. Dat stëmmt jo net. Déi meescht Moslems si ganz léif Mënschen, déi Gott gären hunn an d'Geboter vu Gott anhalen, a vill Guddes maachen. Ech hunn d'lescht Woch déi Irakesch Flüchtlinge getraff, déi am Hungerstreik waren. Dat ware Chrëschten a Moslems.

Si si verfollegt ginn, si leiden. An an hirem Leiden hunn déi Männer sech och als Bridder ugeholl. An ech wollt hinnen ze verstoe ginn, dass ech, als Bëschof vu Lëtzebuerg, och hire Brudder sinn.

• **Ass et nach zäitgeméiss a moralesch vertrieter, ze missionéieren? Misst eppes Guddes, Richteges a Sënnvolles net fir sech selwer schwätzen?**

Et kann een net missionéieren, wann et net fir sech selwer schwätzt. Dat ass keng Oppositoung mateneen. Ech war jo selwer Missionar a Japan. An ech sinn elo Missionar zu Lëtzebuerg. Wéi verstinn ech Missionar? Dat verstinn ech net ewéi d'Sekten, dass ech mat aller Gewalt deenen anere mäi Glawe wëll opzwängen. Mä ech verkënnegen de Glawen, well ech dat gleewen a well ech domat glécklech sinn. A wann ech glécklech sinn, da kann ech dat jo net fir mech behalen. Da well ech deenen aneren dat matdeelen. Wat en einzelnen awer da mat der Botschaft mécht, steet him fräi. A wann déi Fräiheet net do ass, dann ass et net d'Missioun, déi vum Herrgott kënnt. Et soll kee forcéiert ginn, fir d'Botschaft vu Christus unzehuelen. An als Kierch an als Bëschof solle mir en immense Respekt virun all Mënsch a senger Meenungsfräiheet hunn. Mä wann ech net méi d'Botschaft vu Christus verkënnegen kann, da sinn ech net méi ech selwer. Da kann ech net Chrëscht sinn. Mä dat muss ëmmer am géigesäitege Respekt geschéien.

• **Et gétt gesot d'kathoulesch Kierch hätt zu Lëtzebuerg e groussen a wichtige Afloss op d'Medien, d'Politik an d'Schoul. Dat gétt der Kierch vu verschiddene Säite virgehäit, well d'Leit der Meenung sinn, d'Kierch soll sech aus deene Beräicher eraushalen. Wéi stitt Dir dozou?**

Do hunn ech eng ganz aner Meenung. D'Kierch muss vill méi an d'Gesellschaft erawierken. Ech sinn net just Chrëscht an der Kierch. Wéi kann ech d'Mass feieren a Christus als Här éieren, wann zum Beispill Flüchtlingen do sinn, déi an Zelter sinn, ouni dass ech dofir antrieden? An dofir ass Glawen net privat. Glawe kann net privat sinn. E muss sech ëmmer am öffentleche Beräich ausdrécken. Do muss säin Engagement och kommen. An net nëmme Katholike maachen dat. Et ginn och aner Leit, déi sech fräiwëlleg engagéieren. An do musse mer e Wee fannen, fir eis zesummen anzesetzen, fir eng besser Gesellschaft an eng besser Welt. Meng Positioun ass net fir Politik ze maachen. Ech soen net, wat fir Gesetzer d'Leit maache sollen. Mä wann d'Gesetzer géint d'Mënsche ginn, da muss ech och als Bëschof an als Chrëscht kënne soen, dass mir domat net d'accord sinn. Dat ass en demokratescht Recht. An ech hunn heiansdo d'Gefill, dass hei zu Lëtzebuerg d'Chrëschten déi eenzeg sinn, déi hir Meenung net duerfe soen.

• **Ech géif lech bidden, eppes zu folgender Ausso ze soen: An der Schoul zu Lëtzebuerg ginn d'Kanner endoktrinéiert a kënnen sech dem Afloss vun der kathoulescher Kierch net entzéien.**

Dat fannen ech Blödsinn. Ganz krass gesot. D'lescht Woch war ech mat deene Leit zesummen, déi de Programm vum Reliounsunterricht maachen. Si hu mer de Programm och gewisen. Do ass zum Beispill Islam. Do gétt iwver d'Jude geschwat, do gétt gesot, dass mer si musse respektéieren, dass mer solle mat hinnen zesummeschaffen. De Reliounsunterricht an der Schoul ass net d'Verkënnegung vum Glawen. Dat ass eng Wëssensverméttlung iwver d'kathoulesch Religioun an och iwver déi aner Religiounen. An déi hält weder dem Mënsch nach dem Kand d'Fräiheet fir sech selwer ze entscheeden. Fir sech kënnen ze entscheeden, muss ech eppes wëssen. Ech hu ganz vill Respekt virun all den Enseignants de religion, ech hat mer et net sou gutt virgestallt. Ech muss soen, dass ech vun der Versammlung ganz positiv ageholl war. Ech hu fonnt, dass déi en immense Programm gemaach hunn, an dass si sech och vill Méi maachen, fir datt de Programm eben net dat ass, wat gesot gétt. An déi Leit, déi dat kritiséieren, déi déi Aussoe maachen, déi sollten emol eng Kéier an de Reliounsunterricht kucke goen. Eng aner Saach ass, dass an der Primärschoul 80 Prozent vun den Elteren hir Kanner dohinner schécken. Da misst ech soen, déi Elteren si jo blöd dass se hir Kanner dohinner schécken, wou se endoktrinéiert ginn. E bësse méi Respekt wier do net schlecht.

• **Soll d'Kierch vum Staat getrennt sinn?**

Si ass getrennt, jo. Si soll op jiddefall getrennt sinn. A bei eis ass se och getrennt, well et ass jo esou, dass de Lëtzebuurger Staat net nëmme d'Katholiken unerkennt. D'Paschtéier an d'Leit, déi an der Kierch schaffen, gi vum Staat bezuelt, eng aner Parti gétt vun der Kierch bezuelt, mä de Rabbi, de protestantesche Pastor, den orthodoxe Pope gi jo och bezuelt. An ech hoffen, dass mer zu enger Regelung kommen, wou den Imam och bezuelt gétt. Dat heescht, e Staat erkennt d'Religiounen un als wichtig fir d'Zesummeliewe vun de Leit. An e léisst sech dat och eppes kaschten. Op dat elo ze vill Sue sinn oder net, dat ass eng aner Fro. An der Regelung, kann een nach iwver ganz vill Saachen diskutéieren. D'Kierch huet eng Roll an der Gesellschaft ze spillen. Et géing mir éierlech gesot och näischt ausmaachen, wann ech géing manner verdéngen. 2013 ass jo de Weltjugenddag zu Rio de Janeiro. An ech hu versprach, dass ech all Dag d'Halschent vu menger Pai op d'Säit leeën fir Rio de Janeiro. Domat kréien dann esouvill Jugendlecher de Fliger bezuelt. Dat ass eng gutt Saach, an et sinn och vill Paschtéier, déi dat esou maachen. Et si ganz vill Leit, déi mat de Suen, déi se kréien, eppes Guddes maachen. Eng komplett Trennung vu Kierch a Staat gétt et net. Ech duerf mech zum Beispill net fir d'Walen opstellen. Ech maachen et och net. Als Bëschof vu Lëtzebuerg kanns du jo net och Politiker sinn. Mä de Staat gétt mir dat Recht och net. A Leit, déi fir d'Kierch schaffen, duerfen dat dann och net. Déi kënnen och net an de Gemengerot gewielt ginn. Dat hält de Leit dann hir demokratesch Rechter.

Villmools Merci fir d'Invitatioun a fir d'Gespréich!


Internetsite: www.cathol.lu

Interview

avec Monsieur ROSENFELD Daniel,
Secrétaire du Consistoire Israélite

- Depuis combien de temps y a-t-il une synagogue à Luxembourg ? Est-ce qu'il y a d'autres synagogues dans le pays ?

Même si une présence juive est probable dès l'époque romaine, le premier signe concret d'implantation à Luxembourg d'une communauté, a été établi le 1er décembre 1817 par l'acquisition d'un terrain pour un cimetière. La chose la plus importante pour une communauté juive est de savoir comment enterrer ses morts. Ce terrain a été acquis près de la Tour Malakoff à Clausen et c'est là que le premier cimetière qui d'ailleurs existe toujours, a été créé.



L' armoire sainte rideau fermé

En ce qui concerne la synagogue, en 1821, un oratoire qui était autrefois un couvent a été acheté. Ce bâtiment se trouvait rue du Séminaire.

On ne pouvait y accueillir que 65 hommes et 38 femmes. Mais cela correspondait aux besoins de la communauté de l'époque qui était très petite. On a fonctionné avec cet oratoire jusqu'en 1894, date à laquelle la belle synagogue de style oriental a été construite à l'angle de la rue Notre-Dame et de la rue Aldringen. Malheureusement cette synagogue a été complètement détruite par les nazis en 1943. Après la guerre, en 1950, c'est dans l'avenue Monterey que la troisième synagogue fut construite.

Une deuxième synagogue dans le pays qui est toujours en

fonction se trouve à Esch-sur-Alzette, rue du Canal. Il y avait encore d'autres synagogues au Luxembourg, notamment à Mondorf-les-Bains et à Ettelbrück. Ces bâtiments existent toujours mais ne sont plus affectés au culte car les membres de ces communautés qui ont survécu à la barbarie nazie ne se sont plus vus s'y réinstaller.

- Qu'est-ce que c'est le Consistoire Israélite ?

Le Consistoire est l'organe représentatif des Juifs du pays auprès des autorités gouvernementales.

- Combien de personnes appartiennent à votre communauté ?

On a recensé environ 300 familles inscrites à la communauté, mais cela ne représente pas le nombre de Juifs qu'il y a dans le pays qui est probablement supérieur. Beaucoup de coreligionnaires ne souhaitent pas s'inscrire et ne participent pas à la vie communautaire. Ils ne viennent que quelques fois par an pour les grandes fêtes, comme par exemple à Roch Hachana (nouvel an) ou Yom Kippour (Jour du Grand Pardon).

- Quels sont les piliers de votre religion ? Qu'est-ce qui est le plus important dans le judaïsme ?

Le pilier de la religion est la Torah c'est-à-dire les 5 livres de Moïse, également appelé Ancien Testament. Tout le judaïsme est canalisé sur ces cinq livres.

Le plus important est de pouvoir se conformer aux préceptes de la Torah. Celui qui veut vraiment vivre son judaïsme va respecter tous les principes édictés dans la Torah.

- En quoi consiste le rôle du Grand Rabbin ?

Le Grand Rabbin est le chef spirituel. C'est la personne vers qui on va se tourner pour tous les grands moments de sa vie: le jour où vous allez vous marier, il va vous donner les clefs pour aborder la nouvelle vie que vous choisissez, lorsque vous allez avoir un enfant, lorsque votre enfant va faire sa Bar Mitzwa (pour les garçons) ou sa Bat Mitzwa (pour les filles) ce qui correspond à une communion. Pour tous ces grands moments, le Grand Rabbin est là pour les encadrer, pour vous faire comprendre l'importance de ces passages, de ces étapes.



La 'Hanoukia ou chandelier à neuf branches utilisée pour la célébration de la fête 'Hanoucca (fête des lumières)

Le Grand Rabbin est là aussi pour tous les problèmes que vous pouvez rencontrer dans la vie, lorsque vous êtes en questionnement, si vous avez des doutes sur le sens de votre vie. Pour tout ce qui suscite un conflit interne, le Grand Rabbin sera là pour répondre à ces doutes et pour trouver une voie menant à la sérénité.

Il est important de dire que dans le judaïsme, il n'y a pas de hiérarchie. C'est à dire qu'il n'y a qu'un Grand Rabbin par pays. Il y a régulièrement des réunions au niveau européen et mondial où ces Grands Rabbins se réunissent pour échanger des idées et tenter de trouver des réponses aux défis de la vie moderne.

- Quelles sont les fêtes religieuses les plus importantes pour un Juif ?

Avant de parler de fêtes, le plus important est le jour du Chabbat. C'est le jour du repos qu'il y a toutes les semaines et qui permet de casser le rythme de la semaine. Il est très important pour un Juif de respecter ce jour.

Roch Hachana, c'est le Nouvel An. Dix jours plus tard, il y a Yom Kippour, le jour du Grand Pardon. Il faut savoir que dans le judaïsme il n'y a pas de confession. Le jour de Yom Kippour, on se confesse directement à Dieu, c'est donc le moment de faire une introspection et de se régénérer après une année : qu'est-ce que j'ai fait de bien, qu'est-ce que j'ai fait de mal, est-ce que tu me pardonnes, mon Dieu ? Est-ce que je peux continuer à vivre après cela ? C'est donc un moment très solennel à tel enseigne que l'on demande aux fidèles de jeûner pendant 24 heures afin d'être concentrer dans la prière.

Pessa'h qui correspond à la fête de Pâques et qui relate l'épisode de la sortie d'Égypte où les Hébreux sont passés du statut d'esclaves à celui d'hommes libres jusqu'à leur arrivée en terre d'Israël. Pendant les 8 jours de Pessa'h on change totalement son alimentation, on ne peut manger aucun aliment à base de levain, notamment le pain qui remplacé par la Matza (pain azyme). On change aussi toute notre vaisselle

pour une vaisselle spécifique qui n'est utilisée que pendant Pessa'h. Pr ailleurs, toute la maison doit être nettoyée de fond en comble. Les deux premiers soirs, on célèbre le Séder, le repas pascal où toute la famille se réunit et raconte le récit de la sortie de l'Égypte. Autour de la table, les enfants sont mis à l'honneur, puisqu'ils doivent poser des questions sur cette histoire singulière.

- Y-a-t-il une différence dans la façon de vivre le judaïsme entre la génération des jeunes d'aujourd'hui et de leurs parents ou leurs grands-parents ?

Oui, forcément il y a une différence dans le sens où la société a évolué. Les jeunes sont plus ouverts qu'avant. Jadis, les gens vivaient plutôt en ghetto, leur façon de vivre le judaïsme était plus tournée vers l'intérieur, alors que maintenant, il y a une ouverture qui n'est pas négligeable. Les jeunes d'aujourd'hui, comme dans toutes les religions, ont tendance à pratiquer beaucoup moins. Il y a une baisse de la fréquentation à la synagogue, une baisse au niveau de la pratique de la religion, mais c'est dans l'air du temps, ce n'est pas propre au judaïsme.

- On utilise souvent le mot «kasher». Qu'est-ce qu'on entend par cela ?

C'est un grand principe du judaïsme concernant les lois alimentaires. Quelqu'un qui veut pratiquer son judaïsme correctement doit se plier à des règles alimentaires assez strictes. Ces lois s'appellent les lois de la Kasherouth.

Pour qu'une viande soit dite « kasher », il faut qu'elle soit vidée de sang et en plus, complètement inspectée afin de détecter si l'animal n'a contracté aucune maladie. C'est donc une question de qualité du produit. Pour les mammifères, il faut qu'ils aient les sabots fendus. Ainsi, le cheval n'est pas « kasher » par exemple.

Les poissons, pour être kasher, doivent avoir nageoires et écailles. Tous les crustacés ne sont donc pas « Kasher ».

Il y a également des mélanges alimentaires qui ne sont pas autorisés. Ainsi, les produits lactés et carnés ne peuvent cohabiter dans un même repas. Une escalope à la crème par exemple ne pourra être servie. Pour pouvoir consommer du laitage après avoir mangé de la viande, il faut attendre trois heures.

Par conséquent, il faut aussi avoir deux vaisselles séparées qui ne seront pas mélangées pas et donc lavées à part.

C'est une réelle discipline qui ne pose aucun problème lorsqu'on y a été habitué dès son enfance.

Une personne qui est très religieuse respectera ces règles très strictement et n'ira pas manger chez quelqu'un qui n'est pas le même niveau de pratique. Elle n'ira pas en vacances dans un endroit où il n'y a pas un restaurant « kasher », une boucherie ou une épicerie « kasher ». Ce n'est pas forcément facile, mais c'est un choix de vie.

À la base ce sont surtout des règles d'hygiène qui motivent ces lois. De nos jours, les choses ont bien changé mais notre religion a tenu à garder ses principes de base notamment dans le domaine de la « kasherouth » parce que le judaïsme n'est pas une religion de réforme.

• Qu'est-ce la Torah ?

Ce sont les 5 livres de Moïse, donc l'histoire qui va de la création du monde jusqu'à l'arrivée en terre d'Israël. C'est vraiment l'ouvrage de référence du judaïsme.

• Y-a-t-il des subdivisions dans le judaïsme ?

On peut dire qu'il y a des tendances différentes. Il y a un éventail assez large dans la manière de pratiquer le judaïsme qui va de l'orthodoxie (le plus fondamentaliste avec des codes



Chaise de circoncision

vestimentaires par exemple) jusqu'à ce qu'on appelle les Juifs libéraux (hommes et femmes prient côté à côté à la synagogue, les femmes peuvent lire la Torah au cours d'un office et même accéder à la fonction Rabbin).

• Qu'est-ce qui est défendu dans le judaïsme et pour quelles raisons ?

La Torah est le livre de référence qui permet de dicter la conduite des hommes et des femmes sur terre. Comme dans tout code de lois, il y a des interdits et plein de choses suggérées pour tendre vers une vie la plus saine possible, tant au niveau des lois alimentaires que dans les lois de pureté familiale. Nous ne devons pas oublier le règlement de base que constituent « les dix commandements ». La Torah est une référence dans tous les domaines de la vie quotidienne, que ce soit la façon de s'habiller, de se laver, de travailler, dans les rapports humains, etc.

• Pourquoi est-ce qu'il y a le mur de lamentations ?

Le mur de lamentations est le seul vestige du Temple à Jérusalem. C'est l'endroit le plus important pour le judaïsme puisqu'on considérait qu'à l'intérieur de ce Temple Dieu résidait. Au milieu de ce Temple, il y avait le Saint des Saints qui matérialisait la présence divine. Aujourd'hui les gens vont s'y recueillir parce qu'ils ressentent une proximité avec le Créateur. Ce lieu est un haut lieu de spiritualité pour le judaïsme. Le mur de lamentations est l'endroit où les Juifs (et non Juifs également) viennent demander à Dieu de l'aide, du réconfort et de la sérénité.

• L'histoire des Juifs est marquée par la persécution. Est-ce que cela se voit dans la pratique de la religion ? Est-ce une religion plutôt triste ou est-elle aussi marquée du positif, c.à.d. du bonheur et de l'espoir ?

La religion juive n'est pas triste, loin de là ! Malgré toutes

vicissitudes que les Juifs ont traversé au cours des siècles, la religion reste toujours très positive, pleine d'avenir, d'espoir et d'amour.

Les Juifs ont été toujours persécutés. Cela ne date pas de la dernière guerre. Il y a eu les Pogroms en Russie et dans les pays de l'Est. Au Maghreb aussi il y a eu des persécutions et les Juifs ont du fuir. Les exemples à travers les siècles sont malheureusement nombreux. Malgré cela le judaïsme va de l'avant et a foi en avenir.

Il y a beaucoup de moments de bonheur, quand pendant les fêtes toute la famille se retrouve autour d'une table joyeuse, pleine de plats délicieux. Les enfants se réjouissent en attendant les fêtes.

Mis à part les fêtes très solennelles de Roch Hachana et Yom Kippour il a des fêtes très joyeuses. Par exemple Sim'hat Torah où on danse dans la synagogue avec la Torah, les femmes lancent des bonbons que les enfants ramassent. On a aussi la fête de 'Hanoucca avec les chandeliers que l'on allume et où les enfants reçoivent des cadeaux. La fête de Pourim où les enfants se déguisent.

• Est-ce que vous entrez en dialogue avec d'autres religions ?

Oui. Il y a beaucoup d'associations interconfessionnelles qui prouvent que le dialogue s'est instauré, un dialogue très positif et constructif. Cela nous semble capital d'entrer en dialogue avec les autres religions pour échanger et dialoguer sur les questions qui préoccupent notre société en ce début de XXIème siècle. Le judaïsme contrairement à des idées fausses est une religion très ouverte. Tous les deux ans, le premier dimanche de septembre (prochaine édition en 2013), nous participons à « la journée européenne de la culture juive » qui a pour mission d'ouvrir la synagogue et faire connaître le judaïsme à ceux qui sont intéressés. Nous participons aussi régulièrement à des échanges culturels et culturels avec les autres confessions du pays. Le bilan de ces rencontres est toujours positif !

• Est-ce qu'il y a des consignes, comment un Juif doit se comporter envers un Chrétien ou un Musulman ?

Il n'y a pas de consignes particulières, il faut vivre en bonne harmonie avec tout le monde. «Aime ton prochain comme toi-même», qu'il soit catholique, protestant, musulman, peu importe la religion. C'est un être humain et il faut se comporter dignement avec lui.

• Est-ce qu'il serait mieux pour le Luxembourg de faire une séparation totale entre les églises (communautés religieuses) et l'état ?

Je pense que non. La situation actuelle est tout à fait profitable, parce qu'il y a une grande transparence entre religion et l'Etat. Le rapport entre les religions et l'Etat a été édicté sous Napoléon qui voulait en son temps exercer un certain contrôle sur les religions.

Avec le recul que nous avons aujourd'hui, ce contrôle revêt un aspect plutôt positif dans la mesure où la religion doit prendre sa place dans un cadre défini évitant ainsi les débordements éventuels. Chaque individu a la possibilité de vivre sa foi dans le pays tout en respectant celle des autres. Il n'y a pas de raison de changer quelque chose qui fonctionne bien. C'est aussi un climat de confiance qui s'est établi entre l'Etat et la religion et je cela me semble très positif.




Présentation des rouleaux de la Torah à l'intérieur de l'armoire sainte (en hébreu Arone Hakodech)

• Est-ce que vous pouvez expliquer aux gens qui ne croient pas en une force majeure, pourquoi vous êtes croyant ?

C'est une question qu'il faudrait poser au Grand Rabbin ou au Ministre Officiant. Je ne suis pas un homme de culte, mais je suis croyant. Pourquoi suis-je croyant ? C'est d'abord une question d'éducation: j'ai grandi avec la valeur de l'amour du judaïsme que mes parents m'ont transmise. C'est aussi cette valeur dans laquelle je me suis épanoui et qui m'a permis de me construire. C'est l'argument majeur pour justifier ma croyance.

Merci beaucoup, Monsieur Rosenfeld !

www.synagogue.lu



Ouverture de l'armoire sainte

Interview

mam Här Treinen, Pressesprecher vum Centre islamique zu Mamer

De Centre islamique zu Mamer ass en islamesche Kulturzentrum an eng Moschee. Den Zentrum ass an de 70er Joere vun türkesche Mosleme gebaut ginn, den éischten Imam, den Här Özen war en türkeschen Imam. Fir d'éischt hunn se sech an der Groussgaass iwwert engem Geschäft getraff, duerno hunn se dat Gebai zu Mamer kaaft. Et ass en Zentrum, fir déi islamesch Kultur kënnen ze fleegen an och fir d'Gebiet.

• Wat sinn déi wichtegst Saile vum Islam?

Éischtens gleewen, datt et nëmme ee Gott gëtt. Dat ass dat allerwichtigst. Dat zweet ass d'Gebiet, dat drëtt ass d'Matginn, dat heescht, wee räich ass, muss dem Aarme matginn, dat véiert ass d'Faaschten, de Ramadan an dat fënneft ass d'Hadj, d'Pilgerrees op Mekka. Dee leschten Dag vun der Hadj, ass d'Aïd-Fest. Dat islamescht Neit Joer, den 1. Muharram fänkt d'Joer Enn November un.

• Wat ass de Koran? Wéi ass en opgedeelt, a firwat spillt en esou eng wichteg Roll?

De Koran ass agedeelt an 114 Suren, woubäi vir eng ganz kleng steet, déi ëmmer erëm gesot gëtt, beim Gebiet, an dat ass d' Al-Fatiha.

Da kommen nach 113 Suren, déi zweet ass dann déi allerdéckst, da geet et ëmmer esou weider bis bei déi 114. Dat ass eng ganz kleng.

De Koran ass kee Buch, dat vu Mënsche geschriwwen ass, fir eis ass dat vu Gott geschriwwen. Gott huet dat op de Prophét Mohammed erofgeschéckt. Dat gehéiert zum islamesche Glauben.

Während 22 Joer huet de Prophét Inspiratiounen vu Gott krut, aus dem Mond vum Engel Gabriel, a well hie selwer net schreiwe konnt, hat hie Leit ronderëm sech, déi schreiwe konnten, an hien huet hinnen da gesot, wat si schreiwe sollen. Hie gouf eng Kéier gefrot, wéi dat wier, wann den Engel mat him géing schwätzen an hie sot: "Dat ass, ewéi wann eng Klack laut. Dat deet mir wéi". Hien hat dann ëmmer Zuckungen am Gesiicht a wéi e méi al ginn ass, ass et och geschitt, dass e ganz déif geschlof huet. A wann en dann erwächt ass, dann huet e gesot, wat en Engel him gesot huet. Den Engel, dat ass den Engel Gabriel. Deen Engel ass jo och bei de Chrëschte bekannt. Dofir ass de Koran esou wichteg, well do de Leit, an net nëmme den Araber, mä de Mënschen alleguer, erkläert gëtt, wat déi richteg Relioun ass. Als Moslem soll een de Koran an engem Joer wéinstens eng Kéier duerchlesen.

• Ass «Allah» deeselwechte Gott ewéi dee vun de Chrëschten a vun de Judden? A wie war de Mohammed?

Jo, well hie gëtt och vun orientalesche Chrëschten «Allah» genannt. Allah heescht iwwersat: de Gott, respektiv déi eenzeg Gottheit.


De Mohammed war e Jong aus engem Stamm, deen zimlech vill Muecht hat. Hien ass ganz fréi e Weesekand ginn. Du war en eng Zäit bei de Beduinen, well et fréier esou war, datt déi räich Leit vu Mekka (wou hie gebuer war), hir Kanner mat véier Joer bei d'Beduine geschéckt hunn, fir datt se méi staark ginn. Bei de Beduinen ass en och op Reese gaangen. Op Handelsreesen, well dee Stamm, wou hie war, dat war en Händlerstamm. En huet och eng Zäit als „Treuhänder“ geschafft. Zu där Zäit gouf et zeg Reliounen am Land, Chrëschten, Judden, Stäredeiter, Feierubieder an 300 verschidde Gottheeten. An do gouf et da permanent Kämpf tëscht deene Reliounen. Dem Mohammed seng Aufgab war et, de Fridden ze priedegen. An dofir huet hien d'Wuert vu Gott den «Islam» genannt. «Islam» heescht «An de Fridden.»

• Wéi eng Roll spillen Zeremonien am Islam (sou Zeremonië wéi z.B. d'Mass bei de Chrëschten)?

Déi selwecht. Du solls ëmmer op d'Jumma kommen. Dat ass d'Veereenegung also d'Freidesgebiet. Wann s du do dräimol feels, dann hues du eng schwéier Sënn gemaach. Da kriss du vu Gott d'äin Häerz versigelt. Da ginn et déi normal Fester, de Ramadan. D'Mosleme sinn immens feierfreedeg. Mir feiere bal ëmmer iergendeppes. Et ass och aneschters ewéi an der Kierch. Et gëtt ëmmer z'iesse. Gemeinsam iesse, ass 50 Prozent vum Islam.

• Huet dat iergendeng Bedeitung?

Jo. Bei eis ass et esou: Alles wat s du an dëser Welt méchs, gëllt och fir déi aner Welt. Zum Beispill d'Wäsche virum Gebiet. Dat huet eng ganz kloer hygienesch Bedeitung.



D'Hygiène, d'soziaalt Liewen, esouguer d'Krichsregele gehéieren am Islam zur Religioun. Dofir ass dat immens wichteg.

• Wat sinn d'Flichten a wat ass verbuede fir e Moslem an aus wéi enge Grënn?

Wéi gesot d'Faaschten ass eng Flicht. Du dierfs keen Alkohol drénken a kee Schwéngfleesch iessen. Dat sinn Haaptprioritéiten. „Unreinheiten“. Dat sinn zwar keng Doudsënnen, awer trotzdem sinn et Sënnen. Dat heescht, du muss Bous maachen, wann s du dogéint verstéiss. Verbueden ass och praktesch alles, wat bei de Chrëschten a bei de Juden och verbueden ass. Eng ganz schlëmm Sënn ass och fir Gott en aneren zur Säit ze stellen. Wann ech zum Beispill „Mutter Gottes“ soen, dat ass am Islam eng Doudsënn. Eng aner islamesch Doudsënn ass d'Feigheet virum Feind. Üble Nachrede ass och eng Doudsënn. D'Quintessenz vum Islam huet de Prophét gesot: «Du bass dann e Moslem, wann deng Bridder virun denger Zong an denger Hand sécher sinn».

• Wéi eng wichteg Fester a Feierdeeg gëtt et fir e Moslem?

De Ramadan. Do ass praktesch all Dag e Feierdag. Dann d'Aït'fest. Dann d'Neit Joer, den éischte Muharram.

• Wat soen d'Moslemen zu Jesus?

Wann der de Koran opmierksam duerchliest, dann ass de Jesus de meeschtzitéierte Prophét. De Jesus gëtt och de

«Nahestehende» genannt. De Prophét, dee bei Gott steet. De Jesus ass den zweetleschte Prophét an de Mohammed ass dann dee leschte Prophét. Mir gleewen och net, datt de Jesus gekräizegt ginn ass. Eng Passage aus dem Koran seet, datt Gott gemaach huet, datt Jesus verwiesselt ginn ass. Gott huet d'Ausgesi vu Jesus op en anere gehäit. De Jesus ass bei Gott geholl ginn. Mir gleewen u Christi Himmelfahrt. Mä en ass net gekräizegt ginn. Gott geet seng léifste Prophéiten net an en ellenen Doud schécken. Déi aner Prophéite si jo och ni gekräizegt oder soss wéi dout gemaach ginn. Am Koran ginn d'Prophéiten ëmmer gerett.

• Firwat a wat sinn am Islam déi Ënnerscheeder tëschent Gleewegen an Ongleewegen?

Mir maachen zwee där Ënnerscheeder. Mir soen «net glee weg» an «ongleeweg». Net glee weg si Leit, déi nach ni eppes vum Islam héieren hunn oder einfach net glee weg sinn. En Ongleewegen ass een, den aktiv géint den Islam kämpft. Et ass och déi schlëmmste Beleidegung, wann een zu engem Araber «Ongleewegen» seet.

• Wat sinn dann d'Judden an d'Chrëschten?

Dat sinn eis Bridder an der Schrëft.

• Dat heescht si si keng Ongleeweg?

Nee. Just wann se géint eis kämpfen, da sinn se ongleeweg.

- Musse moslemesch Fraen e Kappduch droen? Firwat a vu wou kënt dat?

Dat kënnt aus der Zäit, wou jiddereen an Arabien e Kappduch gedroen huet, och Männer. Och déi jiddesch an déi chrëschtlech Fraen hunn e Kappduch gedroen. D'Kappduch selwer ass am Koran net direkt virgeschriwwen. Et gëtt ee Vers am Koran, dee seet, dass d'Frae vum Prophéit an déi gleeweg Frae sollen hire grouse Schleier ëm sech wéckelen, a si sollen net mam Fouss tappen, fir dass een ënnert hirem Rack net déi gëlle Braceleten héiert. Da gëtt et e Passage, dee seet, dass d'Fraen hir „Reizer“ net solle weisen. Esou steet et am Koran. An der ganzer islamescher Welt gëtt dat esou interpretéiert, dass d'Fraen hir Hoer net weisen, well dat och zu de «Reizer» gehéiert. An der Moschee muss een als Fra ëmmer e Kappduch undoen.

- Wéi steet den Islam zu Drogen allgemeng a ginn et Aussoen a Besuch zum Verkaf vun Drogen?

Zum Verkaf vun Drogen net. Mä et gëtt e Vers am Koran, dee seet, datt Gott um Dag virun der leschter Pilgerfaart no Mekka zum Mohammed gesot huet: "Haut maachen ech är Relioun perfekt".

An da sot en och: «De Wäin ass e Wierk vum Däiwel». Op enger anerer Plaz am Koran steet: «De Wäin ass e Sege fir ganz weíneg Leit, mä et ass besser dir loosst d'Fangeren dovun». Et ass also scho ganz fréi gesot ginn, datt de Wäi schlecht ass. Déi arabesch Kultur vun där Zäit war immens op d'Drénken opgebaut. An och d'Poete sinn dann esou voller Wäi geschott ginn, bis se iergendeppes erausgestammelt hunn, wouraus dann e Gedicht gemaach gouf. Dofir gëtt et am Koran och eng Sur géint d'Poeten. De Wäin ass verbueden a spéider an den hëllegen Iwwerliwwerunge gouf och nach en anert Gedréns verbueden an dat nennt sech Nabis, Dattelwäin. Dat war zimlech geféierlech, well duerch d'Saaf vum deene Palmen hunn d'Leit Halluzinatioune kritt. Dat war also och eng Drog. Dofir ass den Islam vun Ufank u géint Droge gewiescht. Spéider sinn natierlech Droge komm, vun deenen deemools nach keen eppes wousst. D'Drëppen zum Beispill. Déi sinn am Joer 1000 zu Bagdad erfionnt ginn. Dann Haschisch an Heroin. Am Koran steet näischt vun Haschisch.

E gudde Moslem drénkt ni Alkohol an hëlt ni Drogen.

- Wat ass Djihad? Ass den Islam eng Relioun, déi zur Gewalt géint aner Reliounen zum Beispill opriff?

Dat gëtt dacks gesot, mä Djihad, dat heescht sech zesummen ustrengen. Den Djihad ass de gemeinsame Kampf fir dat Gutt. Djihad kann awer och sinn, fir sech ze verteidegen, wann een dech ugräift. Mir kämpfen net géint aner Reliounen. An eisem hellegen Text steet: «Keen Zwang an der Relioun». Gott verbitt eis en aneren zur Relioun ze zwéngen. Toleranz ass eng Virschréft.

- Ass den Islam intolerant géigeniwwer religiöse Minderheiten? Dat héiert een heiansdo an da gëtt sech dobäi op de Koran beruff?

Dat dierf eben net sinn. De gudden Islam ass tolerant géigeniwwer de Minderheiten. An e soll sech gutt behuelen a wann iwwerhaupt, dann domat d'Minderheiten iwwerzeegen. Allerdéngs ass net all Moslem tolerant. Dat ass an all Land e bëssen anescht.

- Wéi sollen sech Moslemen de Chrëschten a Judde géigeniwwer verhalen?

Ganz gentil a ganz tolerant, ganz fein. Et steet jo am Koran: «Du solls mat deenen anere just op déi schéinst méiglech Aart a Weis diskutéieren». Dat ass eng Virschréft.

- Wat ass Scharia?

D'Scharia ass "der Weg zur Tränke." An den hellegen Iwwerliwwerunge steet, datt de Prophéit gesot huet: „Um Dag vum Jéngste Geriicht, wann d'Mënsche bei Gott geruff ginn, waarden ech op iech bei "der Tränke".“ D'Scharia seet och, datt ee fir en Déifstall soll d'Hand erofgeschloe kréien. Mä just fir e schwéieren Déifstall. Fréier gouf et an Arabien keng Prisongen. An de Prinzip vun der Barmhärzegkeet seet eis haut, dass mer haut kënnen, wann et nëmme geet, op brutal Strofe verzichten. D'Scharia ass d'Gesetzbuch vum Islam, ugewannt op d'Verhältnisser vum Joer 1000. Et gëtt awer haut bal net méi ugewannt. D'Scharia huet en alen arabesche Prinzip weiderefouert an zwar de Gläichheetssaz. Wann een ee verletzt, dann huet d'Affer d'Recht fir d'Strof festzeleeën. An de Riichter suert dofir, dass d'Strof net méi schwéier ass ewéi d'Verbriechen. Eng positiv Säit vun der Scharia ass d'Gläichheet virum Gesetz. Egal op een elo z. B. adeleg ass oder net, virum Gesetz sinn se alleguer gläich.

- Sollen d'Kierchen zu Lëtzebuerg vum Staat getrennt sinn, - dat heescht, wär d'Trennung téschent Kierch a Staat wichteg an noutwenneg fir Lëtzebuerg?

Ech hunn näischt dergéint, dass d'Kierche vum Staat getrennt ginn, mä ech schaffen elo intensiv dorunner, dass d'Moscheeë mam Staat verbonne ginn an dofir géing ech elo nee soen. Dat Ganzt soll eng demokratesch Entscheidung sinn, dat heescht, wann d'Mehrheet dofir ass, soll et mengetwege getrennt ginn, soss eben net. Firwat musse mir dann d'Kierch vum Staat trennen? Ech fannen, dass mir déi Kierchendeblatt sollten am géigesäitege Respekt féieren. Et kéinten och déi puer Imame bezuelt ginn, well déi Leit och eng immens sozial Aarbecht maachen.

Här Treinen, villmools Merci fir d'Gespréich!

www.islam.lu

Simon & Mohamed

Dies sind die Geschichten von 2 Männern, unterschiedlicher Religionen, die ihre Heimat verlassen haben. Einer von beiden hat sein Land aus religiösen Gründen verlassen. Hier bei der Stämm vun der Strooss verstehen sich beide sehr gut!

Simon hat vor fast 13 Jahren sein Heimatland Pakistan verlassen. Seine Geschichte ist für viele von uns nur schwer nachvollziehbar.

Er wurde 1951 in Faisalabad (Pakistan) geboren und wuchs auch dort auf. Mit 24 Jahren heiratete er und zog mit seiner Frau nach Lybien. Dort lebte er 21 Jahre und kam dann 1996 nach Luxemburg um ein Geschäft zu eröffnen, das aber leider nicht funktionierte. Also ging er nach Pakistan zurück. Und dort musste er dann vor fast 13 Jahren flüchten. In den 80er Jahren hat der damalige Präsident ein Gesetz erlassen, nachdem jeder, der gegen Mohammed oder den Koran sprach, getötet werden musste. Das Ganze nannte sich „Blasphemie Gesetz“. Da Simon ein sogenannter „wiedergeborener Christ“ ist, war es für ihn auf Grund seiner Religion nicht mehr möglich, in Pakistan zu leben. Dieses Gesetz, die daraus folgende ansteigende Intoleranz sowie die Tatsache, dass dann sogar Christen verfolgt wurden, brachten mit sich, dass er jeden Tag aufs neue um sein Leben fürchten musste.

So entschloss er sich Pakistan ganz zu verlassen. Da seine Frau 1993 gestorben war, nahm er seine drei Söhne mit und kam wieder nach Luxemburg. Zum einen weil er das Land bereits kannte und zum andern, so erklärte er mir: „weil es Gottes Plan für mich ist, dass ich hier lebe.“

Im Jahr 1999 trat er hier der „Church of God“, einer englischsprachigen Kirche, bei.

Hier in Luxemburg kann er seine Religion ohne Angst ausüben. Seit 2005 ist er sogar selbst Prediger in dieser Kirche, etwas das vor 13 Jahren in Pakistan völlig unmöglich gewesen wäre und auch heute noch ist, denn traurigerweise gibt es dieses „Blasphemie Gesetz“ immer noch. Dies macht es unter anderem Christen unmöglich, dort in Frieden zu leben. Wenn man das bedenkt, dann können wir uns hier in punkto Religion nicht unbedingt beklagen, oder?

Wir haben uns mit Leuten der verschiedensten Glaubensrichtungen unterhalten. Es soll auch jemand vom islamischen Glauben zu Wort kommen. Wir richten unsere Fragen zu seiner Einstellung zum Glauben an Mohamed, der bei uns in der Küche arbeitet.

